GEMENG JONGLËNSTER

Réunion 13/2024

# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la Nature, Energie et de l'Environnement**

**Rapport de la réunion du 30.10.2024**

| | |
|---|---|
| Lieu de réunion : | Op Fréinen à 19.00 H |
| Début de la réunion | 19.00H |
| Invités | Monique Leffin<br>Raphaël Schmitz<br>Anthony Vaz Luis (Présent)<br>Joël Hüsslein (Présent) |

## Ordre du jour :

1. Compte Rendu vum 10/10/2024
2. Dag vum Bam
3. Feedback Energiekarawan
4. Flyer / Présentation Taxe Poubelle
5. Grouss Botz 2025
6. Poubellesprëch
7. Divers

## ***1. Rapport Reunioun 10.09.2024***

De Rapport vun der leschter Reunioun vum 10.10.2024 ass nach nët ugeholl, well kee Quorum erfëllt ass fir dës Réunioun, sudat keng Approbatioun ka geschéihen.

## 2. Dag vum Bam

Datum: 23ten November 2024, um 10.30 geht et lass “Op Fréinen”. Et war firgesin wir “Op Loupescht”, dat ass entretemps, zenter der läschter Réunioun geännert gin.

Misst ee kuke fir direkt och d’Plaatz scho vum nexte Joer ze détermineiren, den Anthony mengt das souwisou lo nach Beem lanscht d’Haal op Fréinen net iwerlierwen, déi ee souwisou misst ersetzen. (Spillplatz op der Tonn zB). An dat een och bei 3 Beem bleift.

Logistique

De Paul bréngt d’Kachplaque mat (Inductioun)- Joël kukt mam Elektresch.

Am Zelt hu mer Kaffiskichelcher, Schocki an Gedrénks.

Et ass schon ugefrot fir de Parking ze spären.

De Joël huet d’Schëlder scho bestallt.

Den Anthony huet fir den Atelier d’Torfdëppe, de Buedem an d’Stecklinge bestallt.

D’Jessy freet beim Service Communication fir dee vectoriséierte Logo fir d’Etiketten fir un d’Stecklinge.

D’Material ass bestallt.

Idée Mag:

Dem Joël séng Ekipp huet och décidéiert en A0 ze man mam Planzprozess, mir proposéiren dat an enger Seit an de Mag dran ze sëtzen, éventuell eng Duebelsait wou op där anrer Sait nach Fotoen zB vum  Daag vum Bam drop sin.

**EVENT**:

- Mir sin spéitstens um 9.00 do
- Kaffiskichelcher an Schocki, an Gedrenks (wasser, beier, soft)
- Gärtnerekipp ass mat e puer Lait do
- Straicher fir mat heem ze gin, Kréischelen (Klimaresistent sorte- mist de Wahl oder de Becker hun, Jessy kukt dat no)

## 3. Feedback Energiekarawan

De Jean an d’Jessy waren lo 2 mol ennerwee, wou nach 5 Lait sech gemellt hun. Si sin awer nach net ferdeg mat hirer Ronn.

Feedback en general ganz gut.

De Rescht Feedback man mer an der nächster Réunion.

## ***4. Flyer/Présentatioun Taxe Poubelle***

De 6te November ass eng Info Versammlung iwert d'Taxe Poubelle, wou ee vum CIGRE kennt, an een Résumé iwert d'Ressourceconcept.

Remarques Joël an Anthony: Pampers'en déi a Poubellstuute gehait gin, an dann nierft déi ëffentlech Poubelle gestallt gin. Et gëtt awer net richteg getrennt.

Do mist een awer rem besse sensibiliséiren wel d'Lait hir Saachen awer iwerall an di ëffentlech Poubelle gehaien, oder **niewendrun**.

Do mist fillmei systematesch en Avertissement Taxé seitens der Police ausgestallt gin, well d'Lait einfach iwerall hiren Dreck higehaien. Och Gréngschnëtt entsuergung.

## ***5. Grouss Botz 2025***

**15te März 2025 oder den 29ten März 2025**

Mir kuken fir d'Schoul sensibiliséiren dat d'Kanner dann hir Eltren iwerzeegen fir mat ze machen.

Mir iwerléen eventuell d'Police vu Lënster ze froen fir mat och fir si och ze sensibiliséiren.

De Recht gëtt an der nächster Réunion beschwat.

Mir brauchen effektiv méi Pëtzen, eng 120 Stéck. De Joël këmmert sech drëms. Mir définéiren d'points collecten, méi wei lescht Joer.
Do brauche mer och en Zelt beim Centre culturel, de Jean freet dat un.

## ***6. Poubellesprëch***

D'Idee war jo fir dat d'Schoul soll mat abezunn gin, mee zeitlech dauert dat.

Et gëtt schon eng Partie Spréch. De Joël mengt et wier awer lo Zäit fir do bessen an d'Gäng ze kommen.

D’Kommissioun hellt sech déi Spréch dei scho festgehale goufen, rem engkéier op de Leescht an mir kuken fir schnell op de Joël zrek ze kommen.

## ***7. Divers***

Next Réunioun kennt Madame Doris BAUER wéinst dem Inventaire vun de Bongerten, respektiv fir eis ze informéieren iwwert hir Aarbechten déi de SIAS an der Gemeng Jonglënster 2024 gemat huet, respektiv wat fir 2025 usteet.

Den Anthony an de Joël hunn eis iwwert d’Situatioun vun der Gärtner Équipe informéiert an och iwwert hier d’Aufgabegebitt. Fir all hier Aufgaben (ënnert aanerem och de Wanterdengscht ; Spillplazen etc) gerecht ze ginn, fehlen hinnen Leit. Hei och Mataarbechter mat Kompetenzen am Naturbereich. Momentan sinn se zu 6 Leit mat 2 qualifizéierten Gärtner.

- ➔ ***Recommandatioun vun der Kommissioun fir Posten ze crééiren fir Gärtnerekipp opzestocken***

Eis nächst Réunioun ass en Mëttwoch, den 12.12.2024 um 19.00 Auer an der Buvette “Op Fréinen”

Mat frëndleche Gréiss.

Nora Dupont
Sekretärin

Boden Jean
President